

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région à la question parlementaire n° 1116 du 15 avril 2010 de Monsieur le Député Marc SPAUTZ

D'parlamentaresch Fro vum honorabelen Deputéierten bezitt sech op de Gebrauch vun der lëtzebuenger Sprooch am politeschen Debat am Allgemengen an am Gemengerot am Besonneschen. Dozou kann ech folgend Äntwerte ginn:

De Gesetzgeber huet fir de Gebrauch vun der lëtzebuenger Sprooch am Gemeengegesetz folgende Kader gesat (ech zitieren den franséschen Originaltext): « *La langue usuelle parlée au conseil communal est le luxembourgeois. Les conseillers peuvent s'exprimer également dans l'une des autres langues visées à l'article 3 de la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues. Nul ne saurait toutefois demander une interprétation de la langue parlée ou une traduction des documents écrits présentés en une des langues visées par la loi précitée ou en toute autre langue* » (Art. 14 al.2).

Dorausser ergëtt sech, datt weder e Kandidat, nach e gewielte Member vum Gemengerot genéidegt ass, sech op Lëtzebuergesch z'expriméieren, mä datt en awer keng Iwwersetzung vum Lëtzebuergesch ka fuerderen. D'ratio legis kann deemno sou interpretéiert ginn, datt de Gebrauch vun der lëtzebuenger Sprooch d'Regel ass an datt all Member vum Gemengerot Lëtzebuergesch muss verstoen. Et bedeit awer och, datt e Gemeengeconseiller d'Méiglechkeet huet, sech am Gemengerot an enger vun deenen zwou aneren offizielle Sproochen vun eisem Staat z'artikuléieren.

Onofhängeg vun senger perséinlecher Meenung huet den Inneminister fir eng korrekt Uwendung vun der kommunaler Gesetzgebung ze suergen, spréch an dem Kader ze agéieren, deen de Legislatateur fixéiert huet.

Ablacklech gëllt deemno dee gesetzleche Kader, deen 1984 zur Sproocheregelung an eisem Land gesat gouf. Am Artikel 3 vum Gesetz vum 24 Februar 1984 heescht et : « *En matière administrative, contentieuse ou non contentieuse, et en matière judiciaire, il peut être fait usage des langues française, allemande ou luxembourgeoise, sans préjudice des dispositions spéciales concernant certaines matières* ».

Dës Dispositioun ass bis op weideres och am Fonctionnement vun de politeschen Institutiounen applicabel.

Weider heescht et am Artikel 4: « *Lorsqu'une requête est rédigée en luxembourgeois, en français ou en allemand, l'administration doit se servir, dans la mesure du possible, pour sa réponse de la langue choisie par le requérant* ».

Dofir schéngt et mer an der Praxis nët viirstellbar, datt eng Persoun ee politescht Mandat ausübe kann, ouni datt si kapabel ass all offiziell Sprooche vun eisem Land ze beherrschen.

Ech deelen dem honorabelen Deputéierten seng Meenung, datt d'Beherrsche vun der lëtzebuerger Sprooch de Schlëssel zur Integratioun an zur Kohäsion vun der lëtzebuerger Gesellschaft ass, grad sou wéi ech et als essentiell fir d'Positionéierung vun eisem Land an der Groussregioun an an Europa ugesinn, datt Lëtzebuerg u senger Dräisproochegkeet festhält.